

Héichschoulminister de virleienden Text den 19. September 2008 an der Chamber déposéiert. De Statsrot huet säin Avis...

» **M. le Président.** - Här Sunnen, géift Dir just ee Moment ënnerbriechen? Et ass vergiess gi fir d'Dispens vum zweete Vote ze froe beim leschte Projet.

**10. 5876 - Projet de loi portant organisation de l'enseignement supérieur,**

- fixant les modalités du cycle d'études d'enseignement supérieur aboutissant à la délivrance du brevet de technicien supérieur;

- modifiant la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue;

- fixant les modalités d'implantation de formations d'enseignement supérieur ou de création de filiales ou d'établissements privés ou publics sur le territoire du Grand-Duché de Luxembourg;

- abrogeant la loi du 14 août 1976 déterminant les conditions de création d'établissements privés d'enseignement supérieur (suite)

**Dispense du second vote constitutionnel**

Ech ginn dovun aus, datt Der se gitt?

(Assentiment)

Merci. Dat ass aktéiert.

Här Sunnen, dann hutt Dir nees d'Wuert.

**11. 5921 - Projet de loi**

**1) ayant pour objet la transposition de la directive 2005/36 pour ce qui est a. du régime général de reconnaissance des titres de formation et des qualifications professionnelles b. de la prestation temporaire de service**

**2) modifiant la loi du 17 juin 1963 ayant pour objet de protéger les titres de l'enseignement supérieur**

**3) abrogeant la loi du 13 juin 1992 portant a) transposition de la directive du Conseil (89/48/CEE) relative à un système général de reconnaissance des diplômes d'enseignement supérieur qui sanctionnent des formations professionnelles d'une durée minimale de trois ans; b) création d'un service de coordination pour la reconnaissance de diplômes à des fins professionnelles (suite)**

» **M. Fred Sunnen (CSV), rapporteur.** - De Statsrot huet säin Avis zum Projet den 3. Mäerz 2008 ofginn. Vun de Beruffschamberen huet d'Chambre des Métiers sech de 16. Mäerz zu Wuert gemellt an en detailléierten a kritesche Rapport eragereecht. An der parlamentaresch Héichschoulkommissioun vum 25. Mäerz 2009 gouf ech zum Rapporteur vum Gesetzesprojet genannt. An därselwechter Réunioun hunn d'Membere vun der Héichschoul-

kommissioun de Gesetzesprojet an den Avis vum Statsrot analyséiert.

De Statsrot hat nämlech eng Rei Änderungsverschléi gemaach a beim Artikel 31 vum urspringlechen Text souguer mat enger Opposition formelle gedreet. Dat ass d'Ursaach, dass mir eis an der Sitzung vum 2. Abrëll beroden hunn a schlussendlech eng Partie Amendementer ugeholl hunn, déi den Awänn vum Conseil d'État an deene vun der Chambre des Métiers entgéintkomm sinn, an déi mer den 3. Abrëll un de Statsrot erageschéckt hunn. Ech kommen herno nach op dës Avisen zréck.

Den 22. Abrëll hu mer schliesslech den Avis complémentaire vum Statsrot ënnert d'Lupp geholl, deen déi héich Kierperschaft den 21. Abrëll un d'Chamber geriicht hat. De Conseil d'État huet sech an deem Avis mat den Amendementer averstane gewisen, an d'Héichschoulkommissioun huet doropshin dëse Rapport an der Sëtzung vum 29. Abrëll ugeholl.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, een Zil vun der Europäescher Vereenegung ass et, en eenheetleche Wirtschaftsraum ze schafen. An der Logik vun esou engem groussen, eenheetlechen europäesche Bannemaart ass dann och déi europawäit Unerkennung vun den Diplomer ze gesinn. Dobäi gouf sech op zwou Approché baséiert: eng sektoriell Unerkennung no Beruffer, an eng horizontal géigesäiteg Unerkennung vun den Diplomer, déi fir den Zougank zu deenen eenzelne Beruffer verlaangt ginn.

Wat déi sektoriell Unerkennung ugeet, do ass et esou, dass et eng automatesch Unerkennung fir déi Beruffer gëtt, bei deenen d'Ausbildung duerch d'gemeinschaftlecht Recht harmoniséiert gouf. An deem Fall huet all Bierger vun der Europäescher Unioun, dee seng Beruffsausbildung a seng Berufserfahrung an engem Memberstat gemaach huet, d'Recht fir säi Beruff an engem anere Memberland auszeüben, ouni dass datjéinegt Land déi Ausbildung an déi Erfahrung beuerteelen oder contestéieren däerf.

D'Direktiv festegt u sech d'Praxis, esou wéi se virun 2005 funktionéiert huet. Den Ënnerscheid ass deen, dass déi gültig Regeln elo alleguerten an engem eenzegen Text zesummegefaasst sinn, mä dass si awer net - bis op e puer kleng Ännerungen - vum Inhalt hier änneren. D'Direktiv faasst insgesamt 15 Direktiven zesummen, déi dräi méi allgemeng zu de Beruffsdiplomer an déi zwielef spezifesch sektoriell Direktiven, déi fir d'Architekten, d'Dokteren, d'Apdikter, d'Déierendokteren, d'Zännokteren an d'Infirmière gëllen.

D'Direktiv gëllt dann och fir all Bierger aus engem Memberstat, dee säi Beruff an engem anere Land wéi sengem Heemechtsland ausübe wëllt, sief et als Salaré oder och als Indépendant. Ausserdeem mécht d'Direktiv den Ënnerscheid tëschent fräier Déngschtleeschung a fräier Nidderloossung. Dobäi baséiert si sech op folgend Kriterien, déi vum Europäesche Geriichtshaff festgehalen goufen: d'Dauer, d'Heefegkeet, d'Regelméissegkeet an d'Kontinuitéit vun der Leeschtung.

Wat déi fräi Déngschtleeschung ugeet, do gëtt vun der Direktiv festgehalen, dass u sech all Bierger vun der EU, dee legal an engem EU-Stat leeft, d'Recht huet an engem anere Memberstat fir eng bestëmmten Zäit seng Déngschter ënner sengem urspringleche Beruffstitel unzzebidden, ouni dobäi eng Unerkennung vu senger Qualifikatioun unzufroen. Allerdéngs muss déijéineg Persoun iwwer zwee Joer Berufserfahrung verfugen, am Fall wou hire Beruff an deem anere Stat net geregelt ass.

E Memberstat ka vun enger Persoun, déi vu bausse kënnt an an deem Land hir Déngschter ubidde wëllt, virun der alleréischter Prestatioun eng Deklaratioun verlaangen, déi all Joer erneiert muss ginn an déi Informatiounen iwwert dem Prestataire seng Assurancen, seng Nationalitéit, seng legal Nidderloossungsbescheinegung a seng berufflech Qualifikatiounen gëtt.

Fir Gesondheetsberuffer a Beruffer vun der öffentlecher Sécherheet, déi net vun enger automatescher Unerkennung profitéieren, kann en EU-Memberstat am Virfeld vun enger Déngschtleeschung dem Prestataire seng berufflech Qualifikatiounen iwwerpräiwen, dat Ganzt awer am Respekt vum Prinzip vun der Proportionalitéit. Fir weider Detailler zum Prinzip vun der fräier Déngschtleeschung verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Wat elo déi sougenannte fräi Nidderloossung betrëfft, do ass et esou, dass déi zum Droe kënnt, wann eng Persoun sech an engem aneren EU-Memberstat néierloosse wëllt, fir do eng stabil berufflech Aktivitéit

auszeüben. An deem Kontext gëtt u sech de Regime vun der allgemenger Qualifikatiounsunerkenning applizéiert. Dëse Regime betrëfft all déi Beruffer, déi net spezifesch Unerkennungsregelen ënnerleien. Dobäi baséiert sech dee Regime op de Prinzip vun der géigesäiteger Unerkennung, dat heescht, dass eng Persoun e Beruff an engem aneren EU-Memberstat ausübe kann, wa se noweist, dass si an hirem Heemechtsland dee Beruff och ausüben däerf.

Allerdéngs setzt den allgemenge géigesäitegen Unerkennungsregime net esou ouni Weideres eventuell Kompensatiouns-mesuren ausser Kraaft, déi zum Beispill da vun engem Land gefrot kënne ginn, wann et tëschent der Beruffsausbildung, déi an deem Land verlaangt gëtt, an der Beruffsausbildung, déi eng Persoun huet, déi sech an deem Land néierloosse wëllt, substanz- iell Ënnerscheeder gëtt. An dësem Fall kann ee Land ënner anerem en Upassungs- stage oder awer eng Épreuve d'aptitude verlaangen.

Wann an engem EU-Memberstat, wou eng Persoun sech néierloosse wëllt, den Zougank oder d'Ausübe vun engem Beruff geregelt ass, da kritt déi Persoun nëmmen dann en Zougank dozou, wa si iwwer eng Beruffsausbildung verfugt, déi op d'mannst gläichgestallt ass mat dem Niveau, deen direkt ënnert dem Ausbildungsniveau läit, deen d'Awunner vun deem EU-Land mussen hunn, fir deeselwechte Beruff aus- zeüben.

Wann elo awer am Heemechtsland vun der Persoun, déi sech gäre berufflech an engem aneren EU-Stat néierloosse wëllt, den Zougank an d'Ausübung vun engem Beruff net geregelt ass, da muss déijéineg Persoun, fir an deem aneren EU-Stat schaffen ze kënnen, niewent hirem Diplom iwwer op d'mannst zwee Joer Berufser- fahrung verfugen, an dat innerhalb vun deene leschten zéng Joer.

D'Direktiv ënnerscheet tëschent fënnf verschiddene beruffleche Qualifikatiouns- niveauen, an zwar éischstens d'Attestatioun vum Heemechtsland, dass eng Persoun op d'mannst eng allgemeng Primaire- oder Secondairesausbildung huet, oder awer, dass si eng Ausbildung gemaach huet, déi net mat engem Diplom ofgeschloss gëtt, oder och nach e spezifesch Examen ouni préalable Ausbildung. Eng Berufser- fahrung vun dräi Joer ass och valabel.

Zweetens, en Zertifikat, deen enger Aus- bildung am Secondairesunterrecht ent- sprécht, entweder an enger technescher, berufflecher oder enger allgemenger Aus- richtung, ergänzt duerch e berufflechen Zyklus. Drëttens, een Diplom vun engem postsecondairen Unterrecht, deen op d'mannst ee Joer gedauert huet. Véiertens, en Héichschoul- oder en Universitëts- diplom tëschent dräi a véier Joer. Fënnf- tens, en Héichschoul- an Universitëts- diplom vun op d'mannst véier Joer.

En EU-Memberstat kann awer d'Uner- kennung vun Diplomer vu bestëmmte Kom- pensatiounsmesuren ofhängeg maachen, zum Beispill eng Épreuve d'aptitude oder en Upassungsstage. Dëst ass a folgenden dräi Situatiounen de Fall: Éischstens, wann d'Ausbildung op d'mannst ee Joer méi kuerz ass wéi an deem Land, wou e sech néierloosse wëllt; zweetens, wann d'Ausbil- dungen am Heemechtsland an am Land, an deem e sech néierloosse wëllt, substanz- iell verschidde sinn; an drëttens, wann de Beruff, deen een an engem anere Land ausübe wëllt, bestëmt berufflech Aktivi- téiten huet, déi am Heemechtsland net zum Beruff gehéieren. Deen Ënnerscheid féiert dann derzou, dass eng zousätzlech Aus- bildung gemaach muss ginn.

De virleiende Gesetzestext gesäit aller- déngs vir, dass déi national an europäesch Beruffsvereenegunge sech a gemeinsame Plattformen zesummeschlësse kënnen, fir d'Ënnerscheeder ofzebauen, déi tëschent deenen eenzelne beruffleche Qualifika- tiounen bestinn. Dës Plattformen sollen et erméiglechen, dass all déi Persounen, déi hire Beruff gären an engem aneren EU- Memberstat ausübe wëllen, dëst och erlaabt kréien, ouni dass si sech Kompen- satiounsmesuren ënnerwerfe mussen. Enn 2010 wäert d'Europäesch Kommissioun dem Europaparlament an dem Conseil e Rapport iwwer Direktiv mat de gemeinsame Plattformen virstellen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de virleiende Gesetzesprojet wäert all Arti- kele vun der Direktiv 2005/36 an d'na- tionaal Recht ëmsetzen, ausser deenen, déi fréier sektoriell Direktiven iwwer be- sonnesch Gesondheetsberuffer betreffen. Dës Direktive mussen net all nei ëmgesat ginn, well den aktuelle Regime jo net wier- lech geännert gëtt.

D'Ännerungen an d'Upassungen, déi ze maache sinn, ginn hei zu Lëtzebuerg vun zwee Gesetzer ëmgesat; eent, dat déi méi generell, an eent, dat déi méi sektoriell Ännerungen an Adaptatiounen betrëfft.

Wat déi berufflech Qualifikatiounen vun den Affekoten ugeet, sou sief drun erënnert, dass d'Chamber den 18. Dezember 2008 en Eegegesetz dozou gestëmmt huet.

Zum Schluss wëll ech nach just e puer Wuert zu deenen zwee méi kriteschen Avisé soen, déi ech am Ufank schonn zitéiert hat. Dat ass dee vum Statsrot an anersäits dee vun der Chambre des Métiers.

D'Chambre des Métiers hat e ganz detailléierten Avis eraginn, wou si virun allem kritiséiert huet, dass de Gesetzes- projekt ze vill onprezis, onkohärent an on- komplett wier. An engems huet d'Chambre des Métiers awer och zouginn, dass den Text vun der Direktiv selwer net ganz einfach an op ville Plazen ongenee bliwwen ass.

De Statsrot fir säin Deel hat eng Rei punk- tuell Ännerunge virgeschloen a virun allem, wéi ech scho gesot hunn, beim Artikel 31 eng Opposition formelle ausgeschwat. Et geet ëm deen Artikel, deen de Montant vum Droit de timbre, deen ee bei enger De- mande, fir seng berufflech Qualifikatioun unerkannt ze kréien, bezuele muss, vun engem groussherzogleche Reglement fest- leeë wollt. Dat wier, der héijer Kierperschaft no, contraire zum Artikel 99 vun der Ver- fassung.

D'parlamentaresch Héichschoulkom- missioun huet doropshin eng Rei Amen- dementer ugeholl, fir dem Statsrot an ënner anerem och der Chambre des Métiers hire Kritike Rechnung ze droen.

An engem Avis complémentaire huet de Statsrot sech dann och mat dem virleienden amendéierte Gesetzesprojet averstan ge- wisen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, esou vill vu menger Säit. Erlaab mir nach zum Schluss all deene Merci ze soen, déi um Ausschaffe vun dësem Gesetzesprojet bedeelegt waren.

Iech soen ech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Sunnen. Den éischte Riedner ass den Här Spautz.

**Discussion générale**

» **M. Marc Spautz (CSV).** - Här Presi- dent, Dir Dammen an Hären, léif Frënn, dat hei geet ëm d'Ëmsetzung vun enger Di- rektiv. Mäi Kolleg, de Fred Sunnen, huet a sengem exzellente Rapport op déi Pro- blemer higewisen, déi et gi sinn, wou virun allem eng Beruffschamber Saache be- anstant huet, genausou wéi de Statsrot. Och deene Punkten ass Rechnung gedroe ginn.

Et ass wichteg, grad an enger Zäit, wéi mer de Moment sinn, mat deene Problemer, déi mer um Marché de l'emploi kennen, dass et fäerdeg bruecht gëtt, dass mer Diplomer grenziwwerschreidend innerhalb der Euro- päescher Unioun an och innerhalb dem Europäesche Wirtschaftsraum unerkennen. An dofir ass et och selbstverständlech, dass ech am Numm vun der CSV-Fraktioun dem Fred Sunnen nach eng Kéier villmools Merci soen an d'Zoustëmmung ginn zu dësem Gesetz.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Déi nächst Ried- nerin ass d'Madame Brasseur.

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech wëll fir d'éischt am Numm vun der DP-Fraktioun an a mengem perséinlechen Numm dem Rapporteur, dem Här Sunnen, e ganz grouse Merci soe fir dee Rapport, deen en hei gemaach huet. Mä mäi Merci, dee beschränkt sech awer net op dëse Rapport. Ech géif dem Här Sunnen Merci soe fir all déi Aarbecht, déi e gemaach huet, elo a senger Carrière als Deputéierten, well wann ech richtig verstan hunn, ass dat hei déi lescht Ried, déi den Här Sunnen op dëser Tribün als Deputéierte gehalten huet.

Ech géif em Merci soe fir deen Enga- gement. E war President vun der Kultur- kommissioun an, ech mengen, mir haten do eng ganz gutt Kollaboratioun iwwert déi Joren, quitte, dass mer Meenungsver- schiddenheeten haten, mä en huet déi Kommissioun wierklech mat ganz vill Gedold a ganz vill Fingerspëtzegefill geleet, an dofir e ganz grouse Merci.

D'Méritë vum Här Sunnen, dass e wierklech dee Projet Esch/Belval weidergedriwwen



huet an dass en elo zum Schluss vu senger politescher Carrière d’Konkretisatioun och nach konnt hei erliewen, wéi och um Terrain vu senger Gemeng, wou e laangjähereg Buergermeeschter ass, ass bestëmmt eng enorm Satisfaktioun. An ech muss lech soen, Här President, ech géif jiddwerengem vun ons heibanne wënschen, esou mat der politescher Carrière opzehalen, wéi den Här Sunnen dat mécht, op esou engem Succès.

Op jidde Fall a mengem Numm, am Numm vun der DP-Fraktioun, villmools Merci dem Fred Sunnen fir all déi Aarbecht a bonne chance a vill Freed an der wuelverdëngter Penssioun!

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Da wollt ech, Här President, ee Wuert zu deem Projet de loi soen, deen d’Ëmsetzung vun der Direktiv vun 2005 ass iwwert d’Reconnaissance vun den Titren an den Diplomen.

Mir hunn den Dépôt vum Gesetz vun 2008 gehat; och do huet et also dräi Joer gedauert, bis de Projet de loi déposéiert ginn ass. Mä et ass en techesch komplizéierte Projet. A wann ech kucken, dass een huet misse fäerdeg bréngen, an enger Direktiv all d’Memberlänner zesummenzebréngen, wou all Land seng Kultur, seng Geschicht hat vum Développement vu senger ganzer Ausbildung, vun all sengen Titren, vun all senger Formatiounen, fir dat op e gemeinsamen Nenner ze bréngen, esou ass dat net einfach, an esou komplizéiert sinn dann och d’Ausféierungsbestëmmungen duerno. An ech kéint mer virstellen, dass an der Applikatioun vun deem Gesetz duerno nach munch Hicken dra sinn, wann ee Cas particuliers da kuckt.

Mä hei zu Lëtzebuerg komme mer vu wäit hier. Den Här Fayot ass elo leider net hei. Ech mengen, hien ass deen Eenzege heibannen, ech menge mam Här Helminger a mam Paul-Henri Meyers, déi d’Collation des grades nach gemaach hunn.

D’Collation des grades, déi ‘68 ofgeschaf ginn ass, d’Collation des grades, déi méi jénger Kollege wëssen net, wat dat bedeit huet. Do huet ee fir d’Médecine, fir Droitsstudien a fir Lettersstudien hei fir d’éischt de Cours supérieur gemaach, an dann ass een an d’Ausland op d’Uni gaang, mä d’Diplomen huet een all missen hei maachen, fir habilitéiert ze ginn, duerno de Beruff hei kënnen ze exercéieren.

An dat war, hunn ech mer vu Kollege soe gelooss, an déi, déi dat matgemaach hunn, wëssen dat, guer net esou einfach. Sengerzäit ass gesot ginn: „Si ginn e ganz Joer an d’Vakanz op Aix, an da komme se heihin a si maache just dann d’Examen hei.“ Mä dat war awer net esou einfach.

Aus där Iwwerleeung ewechzekommen, fir dann Diplomen unzeerkennen aus dem Ausland an hei dann an deene Beruffer ze exercéieren, bis elo zu der Direktiv, dat ass natierlech en enorm wäite Wee, an et sinn nach haut Leit, an ech weess dat, déi di sech schwéier. Da kann ech mer virstellen, dass an anere Länner, wou se och hir eege Prozeduren haten, mat hiren Instituts de formation, mat hiren Universitëiten, dass déi sech och schwéierdinn. Mä ech mengen, dat hei ass awer e positiven Aspekt vun Europa, wou mer konkret awer kënnen Europa praktizéieren.

Et muss een awer och betounen, dass d’Reconnaissance vun engem Diplom net gläichzesetzen ass mat engem Accès à l’emploi. Dat gëtt oft verwiesselt. Wann een en Diplôme reconnu huet, dann ass een employabel an da kann ee sech mat deem Diplôme requis och op e Poste mellen, mä et muss een awer net onbedéngt dee Poste kréien, well dat gëtt et néierens, net am Privatsecteur an och net an der Fonction publique. Mä ech mengen, do ass oft Konfusioun awer, déi virherrscht.

Et gëtt och an der Praxis onwahrscheinlech Beispiller, déi zu Schwierigkeete kënnen féieren, an ech wéilt just ee Beispill zitieren: Dat ass e Marokkaner, dee seng Secondairesstudien am Maroc gemaach huet, huet dann e marokkanesche Bac, geet a Frankräich, gëtt do zougelooss fir Medezinsstudien ze maachen, mécht do all seng Medezinsstudien, schléisst do of mat all deenen Diplomen, déi ee brauch, fir de Métier vum Dokter ze exercéieren a Frankräich. Dee wëllt dann op Lëtzebuerg schaffe kommen, da gëtt gesot: „Dat geet awer net“, well de Premièresexamen, deen en huet, dat ass kee Premièresexamen, dee Lëtzebuerg unerkennt.

Well, ech mengen, dat ass de Processus oder den Accord de Lisbonne sengerzäit gewiescht, wou Länner adhéréiert hunn, wou d’Reconnaissance mutuelle vun de Premièresdiplome war. De Maroc huet deem net adhéréiert. Frankräich awer hat ëmmer en Accord bilatéral mat alle Maghrebstaten, fir de Bac unzeerkennen, esou dass en a Frankräich konnt exercéieren, wat awer en EU-Land ass, mä awer net zu Lëtzebuerg, well en do dee Lëtzebuerger Bac net hätt.

Mengen Informatiounen no ass dat do awer och elo entre-temps geregelt, a Gott sei Dank geregelt ginn, mä et ass fir ze weisen, wéi komplizéiert déi Procéduren awer sinn.

Wann et ëm Leit geet, an ech mengen, mir kréien och nach heiansdo Cas de figures, wéi mer net wëssen, wéi mer se solle léisen; ech wëll lech nach ee Beispill ginn: Do handelt et sech och ëm een, deen net an der EU ass, mä ëm en Iraner. En Iraner, deen e Baccalauréat am Iran hat, kënnt op Lëtzebuerg. Dee Baccalauréat kann zu Lëtzebuerg unerkannt ginn, well en de Flüchtlingsstatut hat, an dat ass gemäss der Konventioun vu Genève vun 1951 dann unerkannt.

Deen huet awer seng Reconnaissance vu sengem Diplom ni gefrot, well en et net gebraucht huet. Du gëtt deen Iraner Lëtzebuerger, do huet en duerno d’Reconnaissance vum Bac gebraucht, an du freet en un, d’Reconnaissance ze kréien, do ass gesot ginn: „Ah neen, dee Bac kënn mer net unerkennen, well mam Iran hu mer kee bilaterraalt Ofkommen an déi falen och net ënnert d’international Bestëmmungen.“

Dat huet elo net direkt mat der Direktiv eppes ze dinn, mä fir ze soen, a wellech Cas de figures compliqués ee ka kommen, wat fir déi betrafte Leit awer, deen Einzelnen, eng ganz Existenz ka bedeuten. Dofir wäert an der Applikatioun vun där Direktiv, an der Applikatioun vun onser Gesetzgebung nach vläicht deen een oder deen anere Problem optauchen.

Do kann ech nëmmen der Regierung, oder der nächster Regierung, déi dat Gesetz dann hei ze applizéiere kritt, e Wonsch mat op de Wee ginn, wann ech dat däreif, an der Applikatioun wierklech soupel ze sinn, well et geet hei ëm déi eenzel Leit, déi jo Qualifikatiounen awer hunn. A wann do Cas de figures sech ginn, déi schwierig ze léise sinn, dass een dat awer en faveur vun deem Diploméierte soll maachen.

No deene Remarquen, Här President, wëll ech dann den Accord vun der Fraktioun vun der DP bréngen an zum Ofschloss nach eng Kéier dem Här Sunnen alles Guddes wënschen.

Merci villmools.

» **M. le Président.** - Merci, Madame Brasseur. Dann huet den Här Braz d’Wuert.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. De Kolleg Claude Adam ass de Mëtteg leider verhënnert. En huet mech awer gebieden, a sengem Numm d’Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zu deem Projet ze bréngen. En huet mech

och gebieden, och e puer Wuert un den Här Sunnen ze riichten, fir Merci ze soen.

Ech mengen, d’Madame Brasseur huet dat op eng ganz flott a sympathesch Aart a Weis gemaach. Ech wollt just dofir am Här Adam sengem Numm an am Numm vun der grénger Fraktioun eis deene Wënsch do uschleissen. An och perséinlech wäert ech dem Här Sunnen säin Humor vermessen. Mä vläicht gesäit ee sech jo nach dobaussen a kann een nach déi eng oder aner Kéier vläicht mateneen e bësse laachen.

» **M. le Président.** - Den Här Sunnen freet d’Wuert.

(Négation)

Merci, Här Sunnen.

(Hilarité)

Dann huet d’Regierung d’Wuert.

» **M. François Biltgen, Ministre de la Culture, de l’Enseignement supérieur et de la Recherche.** - Merci, Här President. Ech wollt der Chamber Merci soen, dass mer de Mëtteg zwee wichteg Projekte gestëmmt kréien, déi net nëmme wichteg si fir d’Héichschoul, well deen zweete Projet vum Här Sunnen geet iwwer Héichschoulproblematik eraus.

Déi zwee Projekte sinn extrem wichteg. Deen een, deen den Här Oberweis, deem ech och wëll Merci soen, virgestallt huet, well mer elo e Kader kréie fir alles, wat zu Lëtzebuerg Héichschoul ass. Elo hu mer d’Héichschoullandschaft definitiv gesetzlech verankert.

Deen zweete Projet ass vill méi e komplizéierten, deen den Här Sunnen hei virgestallt huet, well et do eigentlech ëm de Corollaire zur sougenannter Bolkestein-Direktiv geet. Et geet drëm, fir Libre prestation de services an Europa ze maachen a fir ze kucken, wann ee sech hei etabléiert oder heihinner eppes ubidde kënnt, wat déi Qualifikatiounen sinn, déi ee muss hunn.

Déi zwee Projeten hunn eng Bedeitung, déi vill méi wäit erausgeet. Ech wëll an deem Sënn och der Madame Brasseur Merci soe fir déi Iwwerleeungen, déi se hei gemaach huet zu deenen zwee Projeten. Well d’Madame Brasseur ass op d’Problemer vu Gehälter beim Stat komm. Wa mer de Bologna-Prozess beim Stat wëllen uwenden, da geet et net eleng duer, fir ze soen: „Wou klasséiere mer de Bachelor oder de BTS?“ Da musse mer iwwert déi ganz Philosophie „lifelong learning“ schwätzen. Da musse mer och iwwer en Dokter schwätzen. An da kann een net méi einfach soen: „Mir hunn en Diplom, an da bass de an där Carrière, an da bleifs de éiweg an där Carrière.“

Bologna ëmsetze beim Stat ass eng ganz grouss Aufgab, an et ass net esou einfach. An et geet net eleng duer, fir Carriären nei iergendwéi anzestufen, well, an da si mer op deem zweete Projet hei, mer net méi an där Welt liewen, wou den Diplom gläichzäiteg den Accès zu der Professsioun war. Dat ass an Zukunft getrennt. Mir liewen einfach an enger anerer Gesellschaft.

Eng Fro, déi d’Madame Brasseur opgeworf hat, déi mat dem Premièresdiplom, dat ass nach net definitiv fäerdeg, well den Avis vum Statsrot nach feelt. Mä mir hunn am Kader vun deem Projet och Reglementer op den Instanzewee ginn, mat dem Schoulministère, mat der Fonction publique a mat dem Héichschoulministère, fir eng ganz Partie Saachen ze harmoniséieren. Mir sinn effektiv der Meenung, dass, wann een en Dokteschdiplom huet a wann ee par ailleurs alles erfüllt, fir Dokter kënnen zu Lëtzebuerg ze sinn, een dann net soll soen: „Mä du hues keng Première, déi där Lëtzebuerger gläichgestallt ass.“ An där Welt kënnen mer net méi liewen. Dat wäerte mer och dann esou maachen.

(Mme Anne Brasseur prend la Présidence)

Dir Dammen, Dir Hären, ech hunn eigentlech soss näischt derbäizefügen, well souwuel de Marcel Oberweis virdrun an de Fred Sunnen elo et esou detailléiert gemaach hunn, dass näischt méi derbäizefügen ass. An Dir hutt nach vill Aarbecht den Owend.

Ech wëll och just nach eng Kéier jiddwerengem Merci soen, dee geschwat huet, dem Marcel Oberweis vu virdrun a virun allem natierlech dem Fred Sunnen. Net nëmmen, an ech schlësse mech do der Madame Brasseur un, wéinst dem Rapport vun elo, mä wéinst där ganzer Aarbecht, déi de Fred Sunnen während fënnef Joer als President vun där zoustänneger Kommissioun mat eis gemaach huet. Eise ganze Programm vun der Regierung, wat Héichschoul a wat Fuerschung ubelaangt, hu mer duerch. Mir hunn all déi Projekte gestëmmt, déi mer wollten hunn.

Dat war net ëmmer einfach. Besonnesch déi lescht Wochen hu mer missen alleguer, och d’Membere vun der Kommissioun, sech alleguer e bëssen drécken an esou weider. Och dat ass awer ganz flott, muss ech soen, als Minister, wann ee kann zrëckkucken an et seet een: „Alles, wat mer eraginn hu vu Projeten, dat hu mer och vun der Chamber gestëmmt kritt.“ Dat deet engem gutt, perséinlech. Et ass eng gutt Saach fir d’Land.

Dofir och dem Fred Sunnen Merci fir alles, wat en, net nëmmen, mä virun allem an de leschte fënnef Joer hei an där Chamber gelescht huet. Mir wäerten en doudsécher nach op der Uni zu Esch erëmbegéinen a senger definitiver politescher Penssioun.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **Mme le Président.** - Domat wier d’Diskussioun vun deem Projet de loi ofgeschloss. Mir kéimen dann zu deem nächste Projet de loi, de Projet de loi 5884 iwwert den Institut national des langues. Do ass d’Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. De Rapporteur ass schonn op der Tribün. Ech géif deem dann elo direkt d’Wuert ginn.

## 12. 5884 - Projet de loi portant création

a) d’un Institut national des langues

b) de la fonction de professeur de langue luxembourgeoise et portant modification a) de la loi du 19 juillet 1991 portant création d’un Service de la formation des adultes et donnant un statut légal au Centre de langues Luxembourg; b) de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l’État; c) de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l’État

Rapport de la Commission de l’Éducation nationale et de la Formation professionnelle



Chambre  
des Députés

L U X E M B O U R G

Chamber TV

och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un